
# Besuch vum klenge Wollef

2|3



Sonndes schläicht sech e klenge Wollef an d'Spillschoul.
Et ass keen do. Hie schnoffelt un de klengen Autoen.
Hie schnoffelt u rouden, bloen a giele Glaspärelen.
Hie schnoffelt un enger Geess aus Holz an denkt sech «Hei wëll ech bleiwen!»

4|5



Op eemol entdeckt hien en Tuerm aus Baukasten.
Hie klëmmt drop awer … bumps!
Den Tuerm fält zesummen an de klenge Wollef trëllt op de Buedem.
Hie kruebelt an eng waarm Schlapp a schléift an.

6|7



E Méinden de Moie gëtt de klenge Wollef vun haarde
Kannerstëmmen erwächt. Séier verstoppt hien sech ënnert
engem Schaf. Hie gesäit Kannerschlappen déi laanscht
trëppelen an och déi grouss blo Turnschlappe vun der Madame Sonja.

8|9




De klenge Wollef héiert d'Kanner laachen.
Hie luusst virsiichteg ënnert dem Schaf eraus.
D'Kanner maache Musek. Si hopsen an danzen
a sangen dobäi e Lidd vun der Geess.

10|11



An der Nuecht sinn all d'Kanner verschwonnen.
De klenge Wollef klëmmt op en Dësch.
Hien hëlt Pabeier an e Pinsel a fänkt u mat Molen.
Lues séngt hien d'Lidd vun der Geess, dat him sou gutt gefält.

12|13



En Dënschde rullt e Rouleau Pechpabeier ënnert de Schaf
bei de klenge Wollef. Séier schubst hien de Rouleau zréck.
Do gesäit hien, wéi d'Kanner grouss Béi gewellte
Kartong ronderëm zwee Dëscher spanen. Si bauen e Schëff.




© 2009 Lehrmittelverlag des Kantons Zürich, www.lehrmittelverlag.com/dienstleistungen/lehrmittelservice
«Besuch vom kleinen Wolf» von Silvia Hüsler. Luxemburgisch. Übersetzung: Eliane Kettels

14|15



An der Nuecht probéiert de klenge Wollef e Puzzle zesummenzesetzen. A wat richt dann do sou gutt?

16|17




E Mëttwoch héiert de klenge Wollef d'Madame Sonja sech opreegen: «Wien huet vum Gebuertsdagskuch genaschelt?» Awer dann dekoréiert si de Kuch mat neien Zockerblummen. D'Kanner molen a schreiwe Wënsch op Pabeierfändelcher. Déi stieche si an de Kuch a sangen dem Anna e Gebuertsdagslidd.

18|19



«Dës Nuecht probéieren ech och ze schreiwen», denkt de klenge Wollef a sicht no Faarfstëfter. Hie schreift a moolt bis moies. Et ass Donneschden. D'Kanner komme mat vill Kaméidi an d'Spillschoul gerannt.

20|21



Mat engem Saz spréngt de klenge Wollef an en hallef oppenen Tirang. An deem Moment kënnt d'Madame Sonja. Si grommelt: «D'Kanner misste méi uerdentlech sinn!» a mécht den Tirang zou. «Au!» De klenge Wollef huet seng Patt ageklemmt.

22|23




Zum Gléck kritt hien seng Patt erëm eraus gezunn a kann d'Nues e bëssen zum Tirang erausstrecken. Hie gesäit, wéi eng kleng Hex den Dësch deckt. En Zauberer schneit Muerten. Zwee Kanner streide sech ëm eng Wollefsmask. Dat fënnt de klenge Wollef witzeg.



© 2009 Lehrmittelverlag des Kantons Zürich, www.lehrmittelverlag.com/dienstleistungen/lehrmittelservice
«Besuch vom kleinen Wolf» von Silvia Hüsler. Luxemburgisch. Übersetzung: Eliane Kettels

24 | 25



An der Nuecht setzt de klenge Wollef d'Schinne vun der hëlzener Eisebunn zesummen a léisst d'Zich fueren.
Hie baut en Tuerm, eng Gare an e Stall fir d'Geess.

26 | 27




E Freide spëtzt de klenge Wollef d'Oueren, wéi d'Madame Sonja d'Mäerche vum Rotkäppche verzielt. Dat Mäerche gefält him besonnesch gudtt.
Awer vum Jeeër mat dem Gewier wëllt hien näischt héieren.
Hien hält sech mat béide Patten d'Oueren zou.

28 | 29



An der Nuecht hëlt de klenge Wollef all d'Billerbicher aus demRegal a kuckt sech se laang un, eent nom aneren.

30 | 31



«Firwat bleift et haut esou roueg?» wonnert sech de klenge Wollef.
Et ass Samschden. Op eemol fiert e grousse Biesem ënnert de Schaf an zitt esou de klenge Wollef aus senger Stopp eraus. D'Botzfra rifft «Oh, wéi léif, e klenge Wollef! Dee setzen ech an d'Poppekutsch!»

32 | 33



E Sonnden ass de klenge Wollef ongestéiert.
Hie kacht op der Poppekachmaschinn eng gutt Buschtawenzopp …

34 | 35



… an invitéiert all Poppen, Stoffdéieren an déi hëlze Geess, mat där hie besonnesch frou ass, op säi Festiessen.



© 2009 Lehrmittelverlag des Kantons Zürich, www.lehrmittelverlag.com/dienstleistungen/lehrmittelservice
«Besuch vom kleinen Wolf» von Silvia Hüsler. Luxemburgisch. Übersetzung: Eliane Kettels